adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

De Wäibaumusée zu Éinen gouf 1974 gegrënnt a befënnt sech an engem historeschen Areal, dat als «Monument national» klasséiert ass. De Musée u sech ass am Ablack wéinst Renovéierungsaarbechten zou a soll vun 2023 un den «Centre Mosellan» ëmfaassen. Leider ass net kloer, wat fir Exponater och no dëser déifgräifender Ëmgestaltung vum Musée erhale bleiwen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Kann d'Madamm Minister preziséieren, ob d'Renovéierung vum Musée vun der Gemeng Éinen oder vum Kulturministère initiéiert gouf?
2) Leien der Madamm Minister Informatioune vir, wat fir Exponater vun der Muséessammlung och am zukünftege "Centre Mosellan" besichtegt kënne ginn? Wat fir Exponater wäerten net am Musée verbleiwen?
3) Wéi vill Objete wäerte versteet ginn oder goufe scho versteet? Gehéieren dozou och d'Exponater vum Küferatelier? Wa jo, wouduerch wäerten dës Exponater ersat ginn?
4) Aktuell gëtt vun engem "Centre Mosellan" geschwat. Ass net virgesinn, ee lëtzebuergeschen Numm ze wielen? Wann nee, firwat net? Wier een Numm an der typescher originaler Sprooch net méi authentesch fir ee regionale Musée?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten